No5 / September 07

INFO – BLAT

Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique Privé Emile Metz asbl

Eise Stand op der Porte Ouverte am März.

Léif Memberen, léif Eirememberen.

!!!!! OPRUF !!!!!!

Eise Comité ass am Moment am gangen d'Geschicht vun der Amicale opzeschaffen. Dest kascht eis zimlech vill Zait an dat erklärt och weisou mir nach keen Info Blat dest Joer eraus bruecht hun.

Mir sin am gangen fir eis 75 Joër un engem DVD zeschaffen wou mir d'Amicale an och d'Schoul am Laf vun der Zait belichten.

Dofir eisen Opruf wann dir Matérial huet wat eis kéint intresseieren dann mellt Iech wegl. bei ons entweder ënner amicale@amicale-ltpem.lu oder rufft un um 661560716. Avis aux amateurs!!!

Vill Spass a vlaicht bis geschwenn zou Einen.

DE COMITÉ

Reckbleck eischt Halschecht 2007

- **Generalversammlung**
  De Compte rendu ass an deser Editioun,
- **17 März 1er Porte ouverte,**
  D'Amicale verkäft hiren beleiften Uebstjus,
- **30 März Journée Commémoration Mme Vve Emile Metz-Tesch**
  Als Undenken un d'Schüler dei am Krich gefall sinn, ass am Mäerz eng Gerbe bei den Gedenktafelen am "Ateliers-Gebei" niddergeluecht gin,
- **25. Abrël Informatiounsversammlung fir d'Schüler vun der 12ième**
  E Matarbechter vum Arbeitsamt informeiert d'Schüler vun der 12ième iwert de Verlaf vun engem Virstellungsgespreich,
- **12. Mai Porte Ouverte**
  D'Amicale verkeft Eisekuchen an Uebstjus,
- **12. Juli Diplom-Verdeelung**
  Een „Elève méritant" krit zu Walfer ee Cheque-Cadeau iwerrescht.

An deser Editioun

Opruf
Reckbleck eischt Halschecht 2007
Rapport Generalversammlung
Invitatioun Tour op Einen

Rapport vun der Generalversammlung vum 19.1. 2007

Ufank : 19.00 Auer

Vum Comité ware présent: Unsen Jim President, Kemp Laurent Vize-President a Public Relations, Alphonse Bressanutti Secrétaire, Seyler-Moris Laurence Secrétaire adj. a Webmaster, Scherer André Trésorier, Laux Nicolas Trésorier adj., Thill Roger Webmaster a Verwalter vum Fichier, Scheinert Frank a Klein Carlo Memberen.

Vum Comité war net do awer entschëllegt: Kamphaus Jerry Public Relations, Kolber Jeannot.

Présent waren: René Tissier Direkter, Armand Lengler Directeur adjoint, Champagne Fernand President vun de Loups Blancs, Legille Pierre President vum COCU, Stijnen Guy Trésorier vun der Elterevereenegung a 10 Memberen.

Begréissung duerch de President. Seet alle Merci déi am Laf vum Joer gehollef hun. Ernimmt speziell Direktioun fir hier Ënnerstëtzung, an d' Elterevereenegung fir déi gutt Mataarbecht beim Trëppeltour. Ee grousse Merci all deenen die beim Grille gehollef hun, besonnesch de net Comitésmemberen. Ee Merci awer och dem Schoulpersonal, déi an der Mëttesstonn um Stand passéiert sinn. Freet eng Gedenkminutt fir déi am vergaangene Joer verscheet Memberen. Mécht een Appel un d'Membere fir beim 75e Anniversaire matzehëllefen.

Aktivitéitsbericht vum Secrétaire gëtt vun der Assemblée ugeholl.

Caissëbericht vum Trésorier. Einnamen: 3753,30 €, Ausgaben: 2182,95 €, Boni: 1570,35 €
Caisserevisore Roger Mahr a Legille Pierre hun Caisse kontrolléiert, kee Feeler fonnt a bieden d'Assemblée de Caissier ze entlaaschten. D'Generalversammlung gëtt hiren Accord.

Nei an aal Caisserevisore sinn: Roger Mahr a Legille Pierre

Neiwale vum Comité. Memberen déi austrieden an hir Kandidatur erëm Stellen: Unsen Jim, Bressanutti Alphonse, Laux Nicolas, Kolber Jeannot a Klein Carlo. Et koum keng nei Umeldung dobei. Die virgenannte Memberen si vun der Assemblée ugeholl ginn.
De Kamhaus Jerry war austriedend, huet seng Kandidatur aus berufflechen a perséinleche Grënn net méi gestallt. De President, Unsen Jim, seet him, fir seng geleschten Aarbecht, Merci.

Eng grouss Aktivitéit fir 2007 ass d'Virbereedung vum 75e Anniversaire

Fräi Aussprooch: Et huet keen d'Wuert gefrot.

Schlusswuert vum Direkter René Tissier: Seet dem Comité Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Weist drop hin, datt d'Amicale fir d'Schoul eng gutt Reklamm ass a wënscht hir vill Succès fir Zukunft.

Enn vun der Generalversammlung um 19.35 Auer.
Duerno war ee gemittlecht Gespréich bei "engem" Patt a bei "engem" Schnittchen.

De Secrétaire